PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/03/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Immigratioun an Asyl & Famill an Integratioun weiderzeleeden.

Scho virun der Coronakris war et fir vill Flüchtlinge vu goussem Notzen sech am Alldag op eng gutt Internetverbindung kënnen ze verloossen. Éischtens verléieren d'Flüchtlingen doduerch net de Kontakt mat hire Frënn, Famill a lokale Kontaktpersounen, wat hirer mentaler Gesondheet an hirem Integratiounsprozess zegutt kënnt. Zweetens kënnen d'Flüchtlingen Offeren, wéi zum Beispill Online-Sproochecoursen oder Formatiounen, wouerhuelen. Grad fir den Homeschooling vun de Flüchtlingskanner ass et onerlässlech, datt si op dat néidegt IT-Material, eng fiabel Internetverbindung an engem rouege Léierëmfeld kënnen zeréckzegräifen. Eng gutt Internetverbindung ass deemno aktuell een essentiellt Mëttel, fir ze verhënneren, datt d'Flüchtlingen an der kompletter Isolatioun an den Uschloss un d'Gesellschaft verléieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Flüchtlingsfoyere bidden hire Bewunner/innen aktuell eng gratis WLAN-Verbindung am ganze Gebai un?

2. Wéi vill Foyere bidde guer keen Internet un?

3. Wéi héich ass an der Moyenne d'Uploads- an d'Downloadsgeschwindegkeet (an Mbit/Sekonn) vun de WLAN-Verbindung an de Foyeren? Wéi situéiert sech de Medianwäert hei?

4. Wéi vill Foyeren si mat feste Computeren a Laptoppen equipéiert? Wat ass hei d'Ratio tëschent Computeren+Tabletten+Laptoppen/Unzuel u Bewunner a Foyeren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député